N°3793
Entrée le 27.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°3793 vum 18. Mäerz 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Georges Mischo iwwert den "Avancement projet Google Bissen"**

- **Wou ass de Projet Google drun?**

D'Preparatiounsaarbechte fir zu Bissen een Datenzenter a noer Zukunft kënnen ze implantéieren lafen intensiv weider, allerdéngs ouni datt den Investisseur à ce stade ewell eng final Entscheedung geholl huet e Projet do ëmzesetzen.

- **Ginn et Problemer mam Projet a wa jo, vu wéi enger Natur?**

D'Demarche entwéckelt sech am Kader vun den üblechen administrativen Etappen, déi fir esou grouss Infrastrukturinvestitiounen normal sinn an och déi néideg Zäit brauchen.

- **Ass et beim Projet Google och virgesinn ee KI Rechenzentrum ze bauen?**

Wann e Projet realiséiert gëtt, wäert sécherlech e moderne Rechenzentrum gebaut ginn. Detailer zu spezifeschen techneschen Asätz kënnen awer just zu engem spéideren Zäitpunkt vun der Firma selwer geliwwert ginn, wann e Projet bis ëmgesat gëtt.

- **Wéi ass et mat de Autorisatiounen vun der Gemeng Biissen?**

Dës Fro läit an der Kompetenz vun der Gemeng Biissen.

- **Wat feelt nach fir de Projet unzefänken?**

Déi verschidden administrativ an technesch Etappe musse virop ofgeschloss ginn, ier et um Investisseur ass ze decidéieren, ob a wéini en de Lëtzebuerger Site exploitéiere wëll, dëst innerhalb vun de Friste wärend deenen d'Geneemegunge valabel sinn.

- **Wéi laang ass et geplangt fir de Bau unzefänken an ofzeschléissen?**

Wann all d'Prozedure bis ofgeschloss sinn an d'Baugeneemegungen all virléien, wäert d'Firma méi Detailer dozou kënne ginn.

- **Wéi vill Budget huet Google virgesinn?**

Dës Fro kann zu dësem Zäitpunkt net beäntwert ginn. Et kann een awer, am Kontext vun der Envergure vum ganze Site, vun enger substanzieller Investitioun ausgoen.

- **Wéi vill Aarbechtsplazen sollen um Site entstoen?**

Dës Fro kann zu dësem Zäitpunkt net beäntwert ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Lëtzebuerg, den 27/03/2026

Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus

(s.) Lex Delles